LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 28 OCT. 2019

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
28 OCT. 2019

**Service Central de Législation**
**43, boulevard F.D. Roosevelt**
**L – 2450 Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse la question parlementaire N°762 du 6 juin 2019 de l'honorable député Monsieur Fernand Kartheiser, concernant les suites données aux actes de vandalisme au Centre Héliar à Weilerbach, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
28 OCT 2019

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op déi parlamentaresch Fro n° 762 vum 6. Juni 2019 vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

An senger parlamentarescher Ufro, wëllt den honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser verschidden Informatiounen hunn, iwwert den Vandalismus um Site vun der Weilerbach.

Den Exploitant vum Site vun der Weilerbach war deemools de Lëtzebuerger Office fir d'Opnam an d'Integratioun (OLAI) vum Ministère fir d'Famill, d'Integratioun an d'Groussregioun. Den OLAI huet eng Plainte wéinst Vandalismus bei der Police agereecht. D'Affär konnt bis haut net opgekläert ginn.

Den Terrain, op deem dës Statue stoungen, gehéiert dem Staat. D'Naturverwaltung këmmert sech ëm den Entretien vun de Beem, den OLAI ëm d'Méie vun der Wiss.
Déi beschiedegt Statue sinn net wärend 3 Joer stoen a leie gelooss ginn:

De Kapp vun der Statue aus der Grott war esou staark beschiedegt ginn, dass en net méi konnt restauréiert ginn. De Büste war an der Grotte stoe gelooss ginn, mee ass entretemps an engem Container um Chantier entrestockéiert. Et ass net virgesinn, dës Statue ze restauréieren.

De Kapp vun der zweeter gekäppter Statue, déi net wäit vun der aler Schoul steet, ass während de leschten 3 Joer vum OLAI an enger Garage um Site entreposéiert ginn an ass entretemps och am Chantierscontainer entrestockéiert. Am Kader vum Projet „rénovation et assainissement du Centre Heliar" ass virgesinn, des Statue vun engem Spezialist restauréieren ze loossen.

D'Grott ass an engem gudden Zoustand an et ass virgesinn, se am Kader vum Projet „rénovation et assainissement du Centre Heliar" ze botzen.

All d'Kierchendieren an all d'Fënstere ginn am Kader vum besote Projet ersat. Dorënner fällt souwuel di futtis Kierchefënster wéi och déi metallen Dier mam Graffiti drop.

Wéi scho virdrun erwähnt, këmmert sech d'Verwaltung vun den ëffentleche Bauten ëm d'Restauratioun vun enger Statue an déi wäert vun engem Spezialist ausgefouert ginn, grad ewéi ëm d'Botze vun der Grotte an dem Kräizgang. Den Entretien fällt allerdéngs net ënnert d'Kompetenz vun onsem Ministère, mä vum zukünftegen Exploitant. Zousätzlech ass ze soen, dass d'Kierch viru Joren desakraliséiert ginn ass an net méi dem Äerzbistum ënner steet